N°5209
Reçue le 11.11.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 11.11.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/11/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa & Wirtschaft weiderzeleeden.**

D'Chineesescher Provënz Xinjiang ass ee vun de Siedlungsschweierpunkte vum Vollek vun den Uiguren. Dës Provënz ass och fir hire Bamwoll-Ubau bekannt an de Verdacht steet am Raum, dass d'Uigure vun de Chineeseschen Autoritéiten zu Zwangsaarbecht op de Bamwollfelder gezwonge ginn, wou wéinst Marken, wéi H&M, virun e puer Méint decidéiert hunn, keng Bamwoll méi aus dëser Provënz ze kafen. Deeler vun der Esquel Group, engem vun de gréissten Textilhiersteller op der Welt, goufe wéinst de selwechte Virwërf vun den USA op eng schwaarz Lëscht gesat. Dëse Grupp beliwwert ënnert anerem Marken, wéi Hugo Boss, an och Lidl steet wéinst Filialen an der Regioun an der Kritik.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. De Minister huet an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3509 erkläert, dass d'Regierung d'Entwécklungen an der Provënz Xinjiang géing genee suivéierten an thematiséieren. Wéi an a wat fir engem Kader huet Lëtzebuerg dëse Sujet dëst Joer thematiséiert?

2. Hat Decisioun vun der USA, fir verschidden Textilhiersteller op eng schwaarz Lëscht ze setzen, bis elo een Afloss op Lëtzebuerg? Falls jo, wéi een Impakt hat dës Decisiou fir d'Importquantitéiten aus dëser Regioun?

3. Ass de Minister der Meenung, dass dëse Fall ee weidert Beispill ass, dat wéisst, firwat d'EU a Lëtzebuerg ee Liwwerkettengesetz brauchen? Wou ass dësen Dossier am Moment an der EU drun?

4. De Minister hat am Kader vun der Aktualitéitsstonn iwwert d'Pegasus Software erkläert, dass Lëtzebuerg géing selwer aktiv ginn, falls d'EU Memberstaaten sech net op een Text fir ee Liwwerkettengesetz eenegen an d'Prozedur op EU-Niveau net weider kënnt. Hien soot och, dass een net nach 2 Joer kéinnt waarden ouni dass eppes geschitt. Wéi vill Zäit wäert de Minister den EU-Autoritéiten nach araumen, fir esou eng Direktive op de Wee ze bréngen?

Mat déiwem Respekt,

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 11.11.2021

GOERGEN Marc

Député